

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Mee 2020

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den Tourismus, den Här Minister fir Mobilitéit, den Här Minister fir d'Economie an d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Am ganze Land beléift sinn déi Tréppeltouren, déi als „circuits auto-pédestres“ oder och „train-pédestres“ vu Gare zu Gare bekannt sinn. Obschonn et där scho vill am Land ginn, fällt op, datt et eng ganz Rei vu Gemenge gëtt, wou nach keen esou en Tour ugeluecht gouf.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Prozedure gëllen, wann en neien „circuit auto-pédestre“ oder „train-pédestre“ soll ugeluecht ginn? Wéi eng Roll kënnst hei de Gemengen zou a wéi eng de *Syndicats d'initiative* oder anere Gremien? Gëtt et e ministerielle Büro, wou Gemengen an Intresseveräiner sech kënnen informéieren an d'Schafe vun esou engem Tour an d'Weeër ze leeden?
2. Wéi vill där Toure gëtt et schonn, a wéi vill sinn der ugefrot? A wéi enge Gemengen ass am Abléck esou en Tour geplangt an ugefrot?
3. Wéi laang dauert et, bis en ugefroten Tour autoriséiert, ausgeschëldert a publizéiert gëtt?
4. Wien ass zoustänneg fir den Zoustand an d'Ausschëldung vun de Weeër an der Rei ze halen a periodesch ze iwwerpräiwen?
5. Wéi gëtt dofir gesuergt, datt Publikatioune mat deene Weeër permanent aktualiséiert ginn?
6. Ass dru geduecht, genuch Parkplaze bei deenen neien Touren virzegesinn? Gëtt de reelle Besoin u Parkplazen bei existéierenden Toure regelméisseg erfaasst an ugepasst?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten